1-2021-O-2-7117-01 (n° 3866)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, den 17. Mee 2022

Interpellation : quel futur pour la sécurité européenne ?
HA au sujet de la situation en Ukraine

2

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- der ukrainescher Ekonomie duerch de Krich Milliounen un Aarbechtskräfte feelen, wärend gläichzäiteg ëmmer méi ekonomesch Infrastrukturen zerstéiert ginn;
- déi ukrainesch Zivilbevëlkerung besonnesch staark ënnert dëser Entwécklung leit;
- datt den ekonomeschen Niddergank vun der Ukrain och dramatesch Auswierkungen op déi international Ekonomie huet, besonnesch am Beräich vun der Landwirtschaft, wat zu Enkpäss bei der Liewensmëttelversuergung a ville Regioune ka féieren;

ass sech bewosst, datt

- dës Situatioun, ëmmer méi dramatesch Ausmoossen unhëlt, ëmsou méi laang de Krich dauert;
- e gudde Fonctionnement vun der ukrainescher Ekonomie opgrond vum staarken Handelsaustausch mat der EU och am Lëtzebuerger Interessi läit;

fuerdert d'Regierung op,

- d'Ukrain, bilateral an am Kader vun der EU, ekonomesch an humanitär ze ënnerstëtzen;
- sech dofir anzesetzen, datt, esou wäit sënnvoll a méiglech, den Handelsaustausch mat der Ukrain um Niveau vun der EU administrativ vereinfacht gëtt;
- datt den Export vu Agrarprodukter aus der Ukrain iwwert d'EU ënnerstëtzt gëtt;
- der Ukrain duerch d'Bereetstellung vu Prêten fir hir zivil Ekonomie an duerch Aus- a Fortbildungsmoossnamen, esou wäit ewéi méiglech och zu Lëtzebuerg, ekonomesch ze hëllefen.

Fernand Kartheiser